

Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl



N° registre de commerce : F1749

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)



B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687
compte bancaire N°: CCPLULL LU90 1111 0469 4089 0000

Ref. : FLMP-2019-387

Newsletter 3 / 2019

Dezember 2019

Eng Plaz am FLMP-Verwaltungsrot

Wéi dir wësst, hu mir nach eng Plaz am Verwaltungsrot vun der FLMP net besat. Mir sinn op der sich no enger Persoun, déi bereet ass, dës Plaz ze besetzen a sech da ganz besonnen em eis Individuell-lizenzéiert Membere bekëmmert. Fir datt mer dës Leit net verléieren, a se vläicht och emol iwverzeegt kréien, sech engem Veräin unzeschléissen, brauche mir méi Kontakt zu dëse Leit.

Intresséiert Leit sollen sech iwwert hire Veräin bis spëtstens de 15. Januar 2020 beim FLMP-Sekretariat mellen, fir datt mir eventuell kënnen dës Poste spëtstens op eiser Generalversammlung vum 29. Februar 2020 besetzen.

FLMP-Verbandsgeriicht

Am FLMP-Verbandsgeriicht hate mer no der leschter Generalversammlung nach zwou Plazen opstoen. Am Laf vum Joer konnte mer awer elo 2 Persoune kooptéieren: et sinn dëst d'Madamm Sonja Conzemius (Sekuristen & Wanderfrënn Feelen) an den Här Johny Post (Äischdall-Flitzer Äischen). An eiser nächster Generalversammlung ginn dës Persounen och zum Vote gestallt fir an hirer Missioun confirméiert ze ginn.

Plastik op eise Wanderungen

Ab dem 1. Januar 2020 sollen op eisen IVV-Wanderunge keng Plastiksbechere méi ugebuede ginn. Mir bidden dofir all d'Veräiner, um Depart eng Affiche opzehänken, wou drop higewise gëtt, datt jidderee säin eegene Becher derbäi muss hunn.



Och op de Flyer fir 2020 kënnst an Zukunft de neie Logo: Wanderen ouni Plastik. Veräiner, déi hir Flyere schonns gedréckt hunn resp. déi schonns am Drock sinn, kënnen nach den ale Logo benotzen.

De Logo kann op eiser Internetsäit ënnert der Rubrik „Federation – Downloads“ erfogeluede ginn.

Aarbechtsgrupp PW-Digital

No enger ganz interessanter Entrevue mam Tourismusminister Lex Delles an de Vertrieber vun de verschiddenen ORTen aus dem ganze Land versiche mer elo och op de Wee ze goen, fir an enger éischter Phase eis PWen kënnen digital ze kontrolléieren.

Fir dëse Projet, zesumme mam Ministère, auszeschaffen, wäere mer frou, wa mer kéinten op d'Hëllef vun eise Veräiner zielen. Mir géife versichen, an zwou Reuniounen dëse Projet virzubereede fir dann ufanks Mäerz 2020 am Ministère eng weider Etapp unzegoen.

All interesséiert Wanderer sinn häerzlech wëllkomm, fir an dësem Aarbechtsgrupp matzeschaffen a solle sech bis spëtstens de 15. Januar 2020 am FLMP-Sekretariat mellen.

Formatioun Geoportail

Wéi dir wësst, musse mir eis Wanderstrecke fir d'Autorisatioun vum Ëmweltministère am Format Geoportail areeche. Dofir wëlle mir eise Veräiner nach eng Kéier d'Méiglechkeet ginn, fir sech iwwert de geneeë Fonctionnement vum Geoportail ze informéieren.

Jiddereen ass häerzlech wëllkomm, en Donneschdeg, den 30. Januar 2020 um 19.00 Auer am Centre Prince Henri zu Walfer, wou den Här Pierre Scholtes iech de Gebrauch vum Geoportail an allen Detailer erkläert.

Och Leit, déi schonns dëse Cours matgemaach hunn, an déi hir Wëssen nach eng Kéier wëllen opfrësche, sinn häerzlech wëllkomm.

Umelle musst dir iech bis de 26. Januar 2020 am FLMP-Sekretariat iwwert Email: flmp@pt.lu oder iwwert Telefon wärend de Bürosstonnen: 691 30 26 87.

Wandere an der Belsch

Wanderer, déi an der Belsch un de Wanderungen deelgeholl hunn, konnte feststellen, datt praktesch op alle Plazen elo de Veräin digital gescannt gëtt mat dem System Cronolive. Dës Prozedur huet et awer bis elo net erlaabt, fir den Numm vum jeeweilege Veräin ze scannen, well et just eng Nummer ginn ass fir de Lëtzebuerger Verband.

No enger Interventioun bei eise belsche Kollegen ass et vum 1. Januar u méiglech, fir sech mat senger jeeweileger Veräinsnummer GDL-.... enregistréieren ze loossen. Domadder gesinn d'Organisateuren erëm genee, vu wéi engem Veräin de Lëtzebuerger Wanderer vertraueden ass.

De Responsabele vum Lëtzebuerger Veräin kritt no der Wanderung automatesch eng Mail geschéckt, wou hie matgedeelt kritt, wéi vill Wanderer vu sengem Veräin un enger belscher Wanderung deelgeholl hunn.

Wanderer des Jahres

De Wanderer des Jahres 2019 gëtt erëm gesicht. All lizenzéierte Wanderer vun der FLMP kann hei matmaachen. Awer opgepasst, d'Prozedur huet e bëssi changéiert.

Ab dësem Joer ass et um President oder Sekretär vum jeeweilege Veräin fir d'Participatioun resp. d'Kilometer ze kontrolléieren an der FLMP ze confirméieren. Denkt drun, datt nëmmen déi Leit kënnen berécksiichtegt ginn, déi vun hirem Veräin bis spëtstens de 15. Januar 2020 bei der FLMP gemellt sinn.

IVV-Veranstaltungsportal

Zanter e puer Méint funktionéiert elo den neien a ganz interessante Veranstaltungsportal vum IVV. Hei kënnt dir iech informéieren iwwert all d'IVV-Organisatiounen an de verschiddene Memberlänner.

Op dëser Säit besteet och d'Méiglechkeet, fir jeeeweils eng Foto vum Parcours oder vun der Startplaz bei ärer Organisatioun mat ze publizéieren. Denkt awer drun, datt dës Foto ouni © Copyright ass, dëst fir all juristesche Problemer ze evitéieren. Wann dir wëllt eng Foto vun ärer Wanderung hei mat publizéieren, da schéckt dës mat dem Flyer un: flmp@pt.lu

De Lëtzebuerger Deel vun dësem Portal gëtt vum FLMP-Sekretariat aus verwalt. Kuckt iech et un, d'Säit fannt dir ënnert folgender Adress: www.ivv-online.org

Lizenzen

All Veräin huet virun e puer Wochen säi Lizenzen-Relevé geschéckt kritt fir ze kontrolléieren an och à jour ze setzen. Doropshi sinn och d'Facturen ausgestellt ginn.

Mir invitéieren all d'Veräiner, wa si en neie Member hunn, désen direkt bei der FLMP unzemellen an net ze waarde bis um Enn vum Joer. Dëst ass ganz besonnesch wichteg wéinst der Assurance fir de Wanderer.

All Umeldungen, Adressännerungen oder aner Ännerunge musse mat dem dofir virgesinne Formular agereecht ginn. Vun 2020 u gi keng Umeldunge méi akzeptéiert, déi net op dem offizielle Formular ausgefëllt sinn.

Och dëse Formular fannt dir op eiser Internetsäit ënnert der Rubrik „Federation – Downloads - Formulaire“

Validatiounen vun de PWen

Praktesch op all eise Permanente Wanderweeër ass e Lokal, wou dir kënnt är Startkaart kafen an och duerno äre Stempel kënnt siche goen. Déi genee Öffnungszäite sinn an eisem Kalenner an och op eisem Internetsite publizéiert.

Mir bidden all eis Wanderer, sou wäit wéi méiglech de Stempel vum gewanderte PW direkt op der Plaz sichen ze goen. Validatiounen am FLMP-Sekretariat si just am Noutfall virgesinn.

Facebook- Rappel

Mir wëllen op dësem Wee nach eng Kéier drop hiweisen, datt d'Facebooksäit vun der Lëtzebuerger Wandersportfederatioun en Informatiounsportal ass a keng offiziell Vocation huet!

Dofir ginn op dësem Wee och keng offiziell Ufroe méi beäntwert. Dës kënnen, wéi nach ëmmer, mat Bréif (B.P.56 – L-9201 Diekirch), mat Email (flmp@pt.lu) oder iwwert GSM (691 30 26 87) während de Bürosstonne gemaach ginn.

Dat selwecht gëllt fir déi privat Facebooksäite vun de Membere vum FLMP-Verwaltungsrot a vum FLMP-Sekretariat.